N°3644
Entrée le 13.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3644 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Dierf eng Crèche, déi ëffentlech finanzéiert gëtt oder ee staatlechen Agrement huet, ee palästinensesche Fändel ophänken? Falls jo, ënnert wéi engen konkrete Krittären ass dat erlaabt, an wéi gëtt an deem Fall garantéiert, datt den Neutralitéitsprinzip agehale gëtt?**

Wéi schonn an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 3299 ausgefouert, ënnerleien d'Bildungs- a Betreiungsstrukture fir Kanner de gesetzlechen a reglementaresche Virgaben, déi garantéieren, datt dës Strukture fir all Kand zougänglech sinn, onofhängeg vun ideologeschen, philosopheschen oder reliéisen Hannergrënn, an datt d'Recht vun all Kand op Privatsphär souwéi de Respekt vu senge reliéisen oder philosopheschen Iwwerzeegungen assuréiert gëtt.

No de gültege gesetzlechen a reglementaresche Bestëmmunge besteet fir Bildungs- a Betreiungsstrukture fir Kanner keen ausdrécklecht generellt Verbuet, dat d'Aushänke vu Fändelen per se ausschléisst.

Allerdéngs ass den Affichage vu politeschen, ideologeschen oder reliéise Symboler net akzeptéiert, soubal dësen am konkrete Kontext dozou féiert, datt déi uewen ernimmte gesetzlech a reglementaresch Virgaben net méi respektéiert ginn.

Dës Bewäertung huet an all Fall ausschliisslech op Basis vun de konkreten Ëmstänn ze erfollegen, nodeems de betraffene Gestionnaire am Virfeld formell iwwert de Verdacht vun enger méiglecher Verletzung vun de gesetzlechen oder reglementaresche Virgaben informéiert ginn ass, an d'Méiglechkeet kritt huet, seng Observatiounen dozou virzebréngen. Op Basis vun dësen Elementer behält sech de Ministère vir, déi virgesinnen administrativ Schrëtt a Moossnamen anzeleeden.

Bis ewell ass dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend een eenzege Fall gemellt ginn, bei deem eng Bildungs- a Betreiungsstruktur e palästinensesche Fändel opgehaange gehat hätt.

No enger Iwwerpréiwung duerch den zoustännege Service vum Ministère huet sech allerdéngs erausgestallt, datt an deem betraffene Gebai zu deem Zäitpunkt keng Bildungs- a Betreiungsstruktur fir Kanner méi exploitéiert gouf, déi iwwer en Agrement oder eng Konventioun mam Staat verfüügt. Zousätzlech gouf festgestallt, datt den Affichage net vun der Bildungs- a Betreiungsstruktur ausgaangen ass, déi virdrun an deem Gebai war, mee vum Nofollgernotzer vun de Raimlechkeeten, soudatt kee Grond fir eng Interventioun vum Ministère bestanen huet.

Lëtzebuerg, den 13. Mäerz 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH